piraten.lu

N°4195
Entrée le 04.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sport weiderzeleeden.**

D'Statistik vun der Unzuel u Verbänn, Veräiner a Lizenzen, déi jorelaang am Aktivitéitsrapport vum Sportsministère opgelëscht war, ass am Rapport vum Joer 2025 net méi dran. Och steet guer näischt méi dran iwwert de Subsid qualité + un d'Sportsveräiner ? D'Eckzuelen konnt een elo an engem rezenten Artikel an der Press liesen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch Erklärungen dozou ginn, firwat dëst net méi de Fall ass?
2. Kann d'Ministesch déi Statistik fir d'Joer 2025 an hirer Äntwert op dës Froen unhänken?
3. Kann d'Ministesch een Tableau mat follgenden Zuelen zum Subsid qualité +, säit dem Joer 2022, produzéieren:
    - D'Zuel vun de Veräiner, déi eng Demande gemaach hunn, gestaffelt no Verbänn;
    - D'Zuel vun den Demanden, déi zréckbehale goufen, gestaffelt no Verbänn;
    - D'Zuel vun de Kanner, déi pro Veräin a Verband domadder betraff waren;
    - D'Zuel vun de lizenzéierte Kanner ënnert 16 Joer pro Verband;
    - De Gesamtmontant pro Joer, deen un d'Veräiner ausbezuelt ginn ass.
4. Kann d'Ministesch eng detailléiert Lëscht mat de Veräiner pro Verband (opgeschlësselt no de jeeweilege Montanten an der Unzuel vun de Kanner ënnert 16 Joer) fir d'Joer 2025 virleeën?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

CLEMENT Sven

Deputéierten